déi Konservativ

Pressematdeelung

22.11.2017

E bëssen Tempo mam Vermummungsverbuet!

D'Partei **déi Konservativ** stellt mat Bedauere fest, datt de Gesetzprojet 7179 – oder am Volleksmond d'Burkagesetz, ee negativen Avis vum Staatsrot krut; dëst, nodeems exakt Präzisiounen fir d'Verfassungskonformitéit am Text vum Gesetzprojet feelen. Duerch dësen Ëmstand, verzögert sech d'Akraaftriede vun engem wichtege Gesetz zur allgemenger, ëffentlecher Sécherheet.

Nom negativem Avis vum Staatsrot, fuerdere mir een direkte Retour vum Gesetzprojet an d'Chamber souwéi d'Komissiounen, fir datt eng politesch Nobesserung op där Grondlag geschitt. Mir sinn als Partei och der Meenung, datt den Dossier nach virun de nächste Chamberwahlen am Oktober 2018 um Ordre du Jour stoe sollt, fir datt sech d'Regierung net politescht laanscht d'Affär knujelt.

Et sief an eiser Pressematdeelung nach ugemierkt, datt déi Konservativ als Partei, fir een 100% restriktiivt Vermummungsverbuet op nationalem Niveau stinn. Fir eis geet et bei dësem Thema, virun allem ëm Froe vu Sécherheet an Integratioun.

gezeechent,

déi Konservativ